

CORONAVIRUS COVID-19 ISOLATIOUN DOHEEM



Dëst Dokument ass un all déi Persounen adresséiert, déi noweislech mam neie Coronavirus (SARS-COV-2) infizéiert sinn.

WAT DIR AN ÄR ENK BEZÉIUNGEN (DÉI AM SELWECHTEN HAUSHALT LIEWEN, INTIM BEZÉIUNGEN) MAACHE MUSST, WANN DIR DOHEEM ISOLÉIERT SIDD.

Dir hutt eng confirméiert Infektioun mee dir musst net an e Spidol, well Ären allgemenge Gesondheitszoustand gutt ass. Dir musst awer doheem isoléiert ginn. Déi Persounen, déi an Ärem Haushalt liewen oder mat deenen Dir eng intim Bezéiung hutt, mussen sech fir 7 Deeg an Quarantän setzen. Dës Recommendatioune ginn lech un, wéi eng Precautiounen Dir an Ären Entourage musst huelen, fir d'Iwwerdroung vum Virus ze limitéieren.

Dir fannt all déi néideg Informatiounen iwver den neie Coronavirus um Internetsite vun der Regierung:

www.covid19.lu



Suivéiert Äre Gesondheitszoustand

- Kontaktéiert en Dokter per Telefon (Tele-Consultatioun) wann d'Symptomer vun den Otemweeër sech verschlëmmen (z.B. Otemproblemer) a befollegt seng Uweisungen.



Wann Dir eleng wunnt

- Loosst Iech Äre Liewensmëttel an aner liewenswichtig Producten, wéi Medikamenter, vun der Famill/Frënn/engem Liwwerdéngscht bis un d'Dier liwweren.

CORONAVIRUS COVID-19

ISOLATIOUN DOHEEM

Wann Dir mat anere Leit zesummelieft

- Installéiert Iech eleng an enger Kummer, loosst d'Dieren zou an iessst an Ärer Kummer. Lëft Är Kummer reegelméisseg.
- Evitéiert Visitten a Kontakter a verloosst d'Kummer just wann et wierklech néideg ass.
- Evitéiert de Kontakt mat Ären Hausdéieren.
- Benutzt Äert eegent Buedzëmmer. Wann dat net méiglech ass, da wäscht de gemeinsame Sanitär (Dusch, Toilette, Lavabo) no all Benotzung mat engem gängegen Haushaltsdesinfektionsmëttel.
- Deelt Är perséinlech Haushaltsartikelen, wéi z.B. Wäsch, Glierser, Tassen, Kichegeschier, Dicher oder Bettgezei net mat anere Persounen. Nodeems Dir déi Géigestänn benotzt hutt, mussen dës gründlech mat Waasser a Seef oder an der Wäsch-/Spullmaschinn gewäsch ginn.
- All Kleeder, Bettgezei an Dicher mussen reegelméisseg an der Maschinn gewäsch ginn.
- All Persounen, déi an Är Kummer kommen an Iech méi no wéi 2 Meter kommen, mussen ee Mondschtz undoen.
- Loosst Iech Liewensmëttel an aner liewenswichtig Produiten, wéi Medikamenter, vun der Famill/Frënn/engem Liwwerdéngscht (während de 7 Deeg vun der Quarantän vun de Persounen bei Iech am Haushalt) bis un d'Dier liwweren.



Hännwäschen

- Dir selwer an Ären Entourage mussen sech reegelméisseg d'Hänn mat Waasser a Seef während minimum 20 Sekonnen wäschen. Och bei der Zoubereedung vum Iessen, virun oder no engem Iessen, nodeems Dir eng Toilette benotzt hutt an zu all Moment wou Är Hänn e knaschtegen Androck maachen.
- Wa kee Waasser a keng Seef disponibel sinn, da wäscht Är Hänn mat engem Desinfektionsmëttel andeems Dir déi gesamt Fläch vun der Hand ofdeckt an d'Hänn reift bis se dréche sinn.



Bedeckt Äre Mond wann Dir houscht oder néitscht

- Houscht oder néitscht an den Ielebou oder en Nuesschnappech aus Pabeier.
- D'Géigestänn, déi Dir benotzt hutt fir de Mond ze bedecken, mussen dono gewäsch oder ewechgeheit ginn.
- Geheit d'Nuesschnappecher an eng speziell Dreckschëscht, déi an Ärer Kummer steet.



CORONAVIRUS COVID-19

ISOLATIOUN DOHEEM

Dot e Mondschutz un

- Ëmmer wann Dir Är Kummer verloosst.
- Ëmmer wann aner Persounen an Ärer Géigend sinn, notamment wann een an Ärer Kummer ass.

De Mondschutz richtig benotzen

- Setzt de Mondschutz virsiichteg op, esou datt en Nues a Mond ofdeckt, a maacht e gutt fest, esou datt e richtig um Gesiicht opläit.
- Evitéiert et de Mondschutz ze beréieren, wann Dir en ophutt. Ëmmer wann een e benotzte Mondschutz beréiert, z.B. wann een en ofdeet, soll ee sech dono d'Hänn mat Waasser a Seef oder engem Desinfektionsmëttel wäschen.
- Wann de Mondschutz ufänkt naass ze ginn muss en duerch en neien, propperen an dréchene Mondschutz ersat ginn. De Mondschutz ka bis zu 8 Stonnen ugedoe ginn.
- Kee Mondschutz, dee fir en eemolege Gebrauch geduecht ass, eng zweete Kéier benotzen.
- De Mondschutz, dee fir en eemolege Gebrauch geduecht ass, no all Benotzung direkt nodeems en ausgedoe gouf, ewechgeheien.
- D'Direction de la Santé wäert lech der esou schnell wéi méiglech liwwere loossen.




Trefft all déi noutwendeg Precautionen

- Offäll, déi mat Kierperflëssegkeete kontaminéiert sinn (Blutt, Schläim, Stull) mussen an eng speziell Dreckskeesch geheet ginn, déi an Ärer Kummer steet, bevir se zesumme mat deenen aneren Haushaltsoffäll entsuergt ginn.
- Botzt an desinfizéiert deeglech all beréiert Uewerflächen, wéi Nuetsdësch, Bettgestell oder aner Miwwelen an der Schlofkummer, mat engem gängegem Haushaltsdesinfektionsmëttel.
- Botzt an desinfizéiert all Uewerflächen am Buedzëmmer an op der Toilette no all Benotzung mat engem gängegem Haushaltsdesinfektionsmëttel.



Rotschléi fir Elteren

- Wann dir als Elteren allen zwee isoléiert sidd, da sollten Är Kanner sech net am Wunnsätz ophalen, mee beispillsweis bei Frënn oder Famill ënnerkommen.
- Wann Äert Kand isoléiert gouf, da sollt eng Persoun aus dem Entourage (z.B. Mamm oder Papp) designéiert ginn, déi sech ëm d'Kand këmmert. An der Praxis, besonnesch wa puer Kanner an der Famill sinn, gëtt recommandéiert datt déi ganz Famill an Isolatioun gehale gëtt. E personaliséierte Rotschlo iwver d'Mesuren déi ergraff solle ginn, gëtt op Grondlag vum Alter vum Kand, zemools senger Fäegkeet eleng an enger Kummer ze bleiwen an e Mondschutz ze droen, geholl.



CORONAVIRUS COVID-19

ISOLATIOUN DOHEEM



Schluss vun der Isolatioun doheem

- 48 Stonne nodeem keng Symptomer méi do sinn, ënnert der Konditioun, datt op d'mannst 14 Deeg säit dem Optauche vun de Symptomer vergange sinn.

Wat mussen déi Persoune maachen, déi am selwechten Haushalt wunnen / d'intim Bezéiungen?

Déi enk Bezéiungen (Persounen déi am selwechten Haushalt wunnen, intim Bezéiungen) mussen fir 7 Deeg no der Diagnos vun engem Fall:

- Doheem bleiwen (Quarantän); dat ass déi Period an där déi meeschte Leit Symptomer verspieren. Dir fannt d'Informatiounsfiche iwwer d'Quarantän um Internetsite vun der Regierung: www.covid19.lu
- Evitéiert all Kontakt zu anere Persounen.
- Op hire Gesondheitszoustand oppassen a sech isoléieren, esoubal se Symptomer verspieren. Déi selwecht Recommendatiounen zur Isolatioun befollegen, wéi déi, déi an der Informatiounsfiche beschriwwen sinn.
- Während weidere 7 Deeg hir Temperatur zwee mol pro Dag moossen a sécher stellen, datt se keen Houscht oder Otemproblemer hunn. Während der Eegenlwwerwachung kann ee sengen normalen Aktivitéiten nogoen.
- Persounen am enke Kontakt, déi besonnesch vulnerabel* sinn, sollen direkt en Dokter urufen, wann si Symptomer verspieren. Deelt dem Dokter mat, datt Dir eng Persoun mat Risikofacturen sidd an datt Dir Symptomer opweist.



Um Schluss vun der Isolatioun an der Quarantän

- Befollegt weider d'Reegele vun der Hygiène.



* *Definitioun vu besonnesch vulnerabele Leit: Persoune mat méi wéi 65 Joer a Persoune mat Diabetes, kardiovaskuläre Krankheeten, chronischen Erkrankungen vun den Otemweeër, Kriibs oder enger Immunschwächt opgrond vun enger Krankheet oder enger Therapie a Persoune mat krankhaftem lwwergewicht (Body-Mass-Index iwwer 40 kg/m²).*

version 2.1

FIR WEIDER INFORMATIOUNEN:

 covid19.lu
 8002 - 8080



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG